

---

Michèle Kayser - Wengler  
127, rte de Luxembourg  
L-3515 Dudelange



---

Diddeleng, den 08/07/2024

Un den Här Buergermeeschter an de Schefferot vun der Stad Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schefferot,

Am Numm vun der CSV-Fraktioun bidden ech lech folgend **Motioun** op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssitzung vum 12. Juli 2024 ze setzen :

## Motioun

**Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Associatioun SOURRIRE a.s.b.l. an Annulatioun vun engem Changement de destination vun engem Gemengenhais op 43, rue Ribeschpont.**

### DE GEMENGEROT STELLT FEST:

- dass e Contrat de bail commercial de 24.02.2023 tëscht dem Schefferot an der Associatioun "Sourrire a.s.b.l." ënnerschriwe gouf ouni dass eng « Autorisation de changement d'affectation » vum "objet du contrat" vun der Maison unifamiliale vierlouch. D'Autorisatioun resp. d'Erlaabnis fir e changement de destination gouf eréicht de 27.03.2023 vum Här Buergermeeschter ginn. D'Associatioun « SOURRIRE a.s.b.l. » huet d'Gebai awer schon ab dem 01.01.2023 konnten notzen. De Contrat de bail commercial fir den Objet 43, rue Ribeschpont hätt also dem Gemengerot net däerften den 24.03.2023 zum Vote viergeluecht ginn.

- dass d'Associatioun " SOURRIRE A.s.b.l." a ville Punkten de contrat de bail commercial net agehal huet:

1. Et kouw net zur annoncierter Collaboratioun tëscht der Stad Diddeleng an der Associatioun fir de Projet "JuMa-House" zu Diddeleng ze developpéieren (festgehal an den " observations préliminaires" vum contrat de bail commercial)

2. Eng geplangten a vum Schefferot ugekënnegt "enk" Zesummenaarbecht mat de Schoulen an dem SEA huet zu kengem Moment stattfonnt.
3. Den Artikel 2 vum Contrat de bail commercial - Destination des lieux loués - gouf net erfëllt. Souguer gouf d'Ausrichtung vun den Aktivitéite komplett changéiert. Aus enger geplangten "Maison de thérapie psychologique", geleet vun 2 Psychologinnen, gouf e « Lieu de rencontre interculturelle », wat absolut net am Contrat de bail festgehal gouf.
4. Am Enoncé zum contrat de bail (Punkt 4.4. um Ordre du jour vun der Gemengerotssitzung vum 24.03.2023 ) an och an den Explikatioun vum Schefferot gouf an Aussicht gestallt, dass d'Associatioun hir "Conventions de collaboration" mam Ministère de la Famille, Ministère de la Santé a Ministère des Affaires étrangères géif oofschléissen. Dat ass awer net geschitt.
5. Am Haus zirkuléieren - laut Ausso vum Schefferot - an der Moyenne 150 Persounen pro Woch. Kachatelieren an e Mëttesdësch gin e.a. ugebueden, d'Leit kréien au besoin d'Méiglechkeet fir ze duschen ... ouni dass awer dementspreechend Adaptatiounen am Haus gemaach goufen. (Professionell Kichen, adaptéiert Unzuel vun Toiletten, Vestiaires, zousätzlech Douchen...)
6. Den Artikel 4 gouf net agehal: Eng Reduktioun vum Loyer gouf accordéiert wann e.a. och - wéi explizit am Contrat de bail festgehal - eng Installation d'accès pour PMR géif vun de Bailleuren installéiert gin. Dat ass net geschitt (laut Äentwert vum Schefferot op eng Fro vun der CSV)

## **INVITÉIERT DE SCHEFFEROT**

1. de Contrat de bail commercial mat der Association SOURRIRE a.s.b.l. z'annuléieren resp. fréistméiglech ze résiliéieren andeems se den Artikel 9 vum Contrat de bail applizéiert (« la Ville est autorisée à dénoncer le contrat À TOUT MOMENT et sans observation de délai pour le cas où l'Association ne remplit pas les obligations nées du présent contrat de bail » )
2. schnellstméiglech eng Annulatioun vun engem Changement de destinatioun vierzehuelen resp. ee Re-Changement d'affectatioun vierzehuelen, fir d'Haus op 43, rue Ribeschpont nees kënnen als Wunnraum ze affektéieren an ze notze fir et enger Famill als abordable Logement zur Verfügung ze stellen.

Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Jean-Paul Gangler, Claude Martini,  
CSV-Fraktioun Diddeleng